**Evangelium vum 4. Faaschtesonndeg (Joer A)**

**Joh 9,1.6-9.13-17.34-38** (Kuerzfaassung)

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

1 Wéi de Jesus do gaang ass,
huet hien e Mann gesinn,
dee vu Gebuert u blann war.
6 Hien huet op de Buedem gespaut,
huet mat dem Spaut Bulli gemaach
an huet deem Blannen de Bulli op d'Ae geschmiert.
7 Du sot hien zu him: "Géi dech an de Schiloacher Bad wäschen
(Schiloach gëtt iwwersat mat: deen, dee geschéckt ginn ass)!"
Dee Blannen ass fortgaang an huet sech gewäsch,
a wéi hien zréckkoum,
konnt hie gesinn.

8 D'Noperen an déi Leit, déi hie fréier als Heeschemann kannt haten,
soten: "Ass dat hei net deen, deen do souz ze heeschen?"
9 Déi eng hu gesot: "Et ass hien",
déi aner soten: "Neen, hie gläicht him just."
Hie selwer awer sot:
"Ech sinn et!"

13 Dueropshin hunn si dee Mann, dee virdru blann war,
bei d'Pharisäer gefouert.
14 Deen Dag, op deem de Jesus de Bulli gemaach
an deem Blannen seng Aen opgemaach hat,
war awer e Sabbat.
15 D'Pharisäer hunn hien elo och nach eng Kéier gefrot,
wéi et komm ass, datt hie gesi konnt.
Hie sot zu hinnen:
"Hien huet mir Bulli op d'Ae gemaach,
an ech hu mech gewäsch,
an elo kann ech gesinn."

16 Du soten der e puer vun de Pharisäer:
"Dee Mënsch kann net vum Herrgott kommen,
well hien de Sabbat net anhält."
Anerer awer soten:
"Wéi kann e Mënsch, deen e Sënner ass, esou Zeeche maachen?"
An si ware gedeelter Meenung.

17 Du soten si op en Neis zu deem Blannen:
"Wat sees du da vun him –
et si jo deng Aen, déi hien opgemaach huet?"
De Mann sot:
"Hien ass e Prophéit."
34 Du soten si zu him:
"Du stéchs ganz an der Sënd,
zënter datt s du op d'Welt komm bass[i],
an du wëlls äis beléieren?"
An si hunn hien erausgehäit.

35 De Jesus huet héieren, datt si hien erausgehäit haten.
Wéi hien de Mann fonnt hat, sot hien zu him:
"Gleefs du un de Mënschejong?"
36 De Mann huet geäntwert:
"So mir, wien et ass, Här,
fir datt ech un hie gleewe kann!"
37 Dueropshi sot de Jesus zu him:
"Ma du hues hie scho gesinn –
et ass deen, deen amgaang ass, mat dir ze schwätzen!"
38 Du sot de Mann: "Ech gleewen, Här."
An hien huet sech virum Jesus niddergehäit.

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Wuertwiertlech: Ganz a Sënne bass du op d'Welt komm.*